



N° 6181
Reçue le 11.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.05.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Op meng parlamentaresch Fro (n°6128) huet den Aarbechtsminister erkläert, dass säit der Aféierung vun der *Assistance à l'inclusion dans l'emploi* **keen eenzege** Patron a Mataarbechter dovunner profitéiert huet. Hei schéngt et also, wéi wann dëse Projet keen UKlang dobausse fënnt oder wéineg Persounen doriwwer Bescheid wëssen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Minister zousätzlech Schrëtt huelen, fir d'*Assistance à l'inclusion dans l'emploi* bei de Patronen an Aarbechter mat engem *Statut de travailleur handicapé* méi bekannt ze maachen?
 - Wa jo, a wat fir enger Form an a wat fir engem Delai ass hei mat Moossnahmen ze rechnen?
 - Wann nee, firwat net?
2. Wéi steet de Minister dozou, d'Organisatiounen a Gewerkschaften, déi sech fir d'Rechter vun de Persoune mat Handicap asetzen, an esou ee Projet matanzebezéien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu